N° 5359
Reçue le 08.12.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 08.12.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/12/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

D'Kanner an der Primärschoul an am Lycée maachen op fräiwëllleger Basis all Woch Schnelltester. Wann een Test dann negativ ass, kritt ee Kand ee PDF als Zertifikat. Dëse PDF ass awer manipuléierbar well en kann nodréiglech editéiert ginn, dat heescht dass zum Beispill de Numm ka geännert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Firwat sinn dës PDFen editéierbar? Wäert hei nogebessert ginn?
2. Firwat sinn dës PDFen net mat fälschungsséchere Mierkmoler wéi enger kryptographescher Ënnerschrëft versinn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député

N°5359
Reçue le 11.01.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5359 vum honorabelen Här Deputéierte Sven Clement**

**Ad 1)**

Et handelt sech bei den Zertifikater, op déi den honorabelen Deputéierte sech bezitt, effektiv ëm "normal" PDF-Formater, déi an hirer éischter Versioun mat der richteger Software konnten editéiert ginn. Neierdéngs sinn dës Zertifikater duerch e staarkt Passwuert protegéiert, grad wéi dat beim CovidCheck-Zertifikat de Fall ass.

**Ad 2)**

Et ass virgesinn, datt an Zukunft all Zertifikater mat GouvCheck ausgestallt ginn, an esou per QR-Code kann iwwerpréift ginn, op d'Dokument echt ass.

Lëtzebuerg, den 11. Januar 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH